

de «Précoce» an eis Sprooch

vum Lex Roth

Wien an der Zäit dee koppegen Numm fir eng fréi Spillschoul erfondt an ageféiert huet, deen hat sech keng Gedanken iwwer **den Ausdrock «précoce / lat. 'praecox'»** gemaach, well deen heescht definitiounsméisseg éischter 'zevill fréi', wat also iergendwéi an d'Negatiivt zitt. Also fir deen deemolege 'Précoce-Dafpätter' (oder d'Giedel) emol eng déck Datz!

Eng Spillschoul soll eng Spillschoul bleiwen, an deer iwwer dem dirigéierte Spillen eppes 'progressiv Systematesches (z. B. bestëmmte Geschéckerlechkeeten) an engem bestëmmte fréi-sozialen Ëmfeld' un d'Kënnercher bruecht gëtt. Et fällt kengem am Frankräich an, aus der «maternelle» e «précoce» ze maachen; den däitsche «Kindergarten» oder den englesche «kindergarden» hunn och knapps eppes mat deer kromenoleger 'Précocerei' ze dinn... mä **dee blénkegen Numm mécht esou gutt an der Schoullandschaft**, gell dir. Wie wëllt da schon nach 'Spillschoulsjoffer' sinn! 'Léierin am Précoce', dat bréngt et (ee Gléck sinn déi meescht vun hinnen haut keng Jonggesellinne méi, an d'Männer sinn och net méi ganz rar an deem Fach). Datt si haut 'Bac+3' fir dee Beruf musse maachen, doriwwer léiss sech och säiteweis diskutéieren; op jidder Fall bréngt rateschwanzlaang Studien en natierlecht Talent dofir net, dat een net huet. Näischt fir ongutt, ower als (zevill?) alen Hues weess ee jo ower, wéi deen Zickzack gong/geet.



(PHOTO: TEDDY JAANS)

Wéi ass et dann elo mat der Sprooch (pardon: Sproochkompetenz) bei deene Kënnercher? Mä dat hänkt jo emol zum groussen Deel dovun of, wéi a wéivill an deene ronn 40 éischte Méint vun hirem kleng Liewe mat deene Butze geschwat ginn ass. **Hir 'Nascht-Famill' an deer hir Zesummesetzung spillen eng enorm Roll**; laang vrum 'Précoce'! Mat wem net geschwat, gegekst, gespilt, gebabbelt a geschnabbelt gëtt, dee kënnt net schrecklech séier un d'Schwätzen; dee freet och net sënnerlech vill, well de Stress (?) an d'Televisioun deene Grouse keng éilelaang Äntwert erlaben. E gudden Nintendo bréngt Rou an d'Spill... a mécht schéi roueg, kleng, brav... bal 'Autistercher'. Dës Iwwerleungen hu bis elo näischt mat dëser oder deer Sprooch ze dinn, och net extra mat dem Lëtzebuergesch.

Do hu mir hei am Land och apaart vill Krämpes mat deem héige Prozentsaz vu Kënnercher, déi doheem ni e Wuert Lëtzebuergesch gehéiert hunn. Mir wëssen ower och, dat «kleng Kessele grouss Oueren hunn», anescht gesot: **Kanner am Spillschoulsalter rafe vill méi séier wéi Grousser**. Gutt, dat geet net duer als Argumentatioun, ower et ass en 'dijeleche' Behollef. An der leschter Zäit si fir déi friemsproocheg Kënnercher ganz flott a gutt Bild-Sprooch-Bichelcher fir d'Lëtzebuergesch erauskomm, mat deenen eng talentéiert Léierpersoun brillant Resultater kann hunn. Endlech! Déi Kanner mussen esou fréi wéi méiglech an déi Sprooch erageféiert ginn, déi nun emol d'Sproochbasis hei am Land ass. Doriwwer eraus ass d'Lëtzebuergesch e wissege Buedem, fir **eng Sproochplänzchen, déi – als germaneschen Idiom – d'Däitsch soll ophuelen...** wat vru 25 Joer (!) d'Kolleginnen an 'Italien' zu Didleng ewell tiptop gemaach hunn... hir 'romanophon' Kanner haten d'Lëtzebuergesch no 3 Joer am Däitschen erëm! Nach eng sympathesch Feststellung: d'ASTI ass no an no voll mat op dee Wee gaang... ouni zevill 'Mémoires' an 'Thesen'. Einfach mat guddem Wëll a gesondem Mënscheverstand.

versueren / (sech) mengen

wéi wier et, wa mir emol méi dacks giffen drun denken, dat mir däitsch Wierder oder Ausdréck gebrauchen, déi een op dës Manéier an der Däitscher Sprooch net esou kann huelen, ouni total laanscht dem Dill ze leien.

'ech hunn dat gutt versuergt' (am Sënn vun 'aufgehoben'), hien huet sech mat senger Aarbecht 'gemengt' (am Sënn vu 'stolz')... probéiert dat dann op lëtzebuergesch Däitsch ze soen, da fällt iech gläich op, wéi onméiglech dat klénkt, wann dir d'Lëtzebuergesch einfach ping-pong eriwersetzt... dat ass op seng Fassong grad esou kromenoleg, wéi wa mir behaupten, et hätt een seng 'Plaz ageholl', aplaz sech einfach dohi gesat. ■ M.V.

Schilf?

Wéi guff 'an der Zäit' vun engem gesot, deen **'um lescht Wippche'** war, 'net méi vill Gutts' gedinn huet, also drop an dru war, fir äis ze verlossen... net 'vun äis' ze goen, wéi dat leider dacks an Doudesannoncë steet?

E bësse méi graff/flappig huet et do och geheescht, **'deen Aarme geet an d'Lëtchen'**. Mä wat sinn da Lëtchen? Anescht gefrot: Wat maache mir mat 'Schilf'? Domat ass d'Fro beäntwert... vläicht och fir eis sympathesch Leit vum Naturschutz, déi eng Hëllefssactioun fir déi Planz gestart hunn. Lëtche wuessen nëmme a sougenannt 'Fiichtgebitter', an dësen d'meescht suppege Fong ass natierlech immens wichteg fir d'Erhale vu bestëmmte Planzen an Déierenzorten... ower **mam 'Schilf' leeë mir um Gebitt vun eiser Sprooch leider och eiser Wierder eent dréchen**. Dat wëllt eis 'NATURA' dach bestëmmt net. Oder? ■ AL

«Onse Fuendel...»

war, esou oder esou, ronn 30 000 Bierger eng Ënnerschrëft wert. Dat ass, egal zu wat een hält, prinzipiell eng gutt Saach! **Hei an der KLACK 'biedele' mir d'Leit zënter Joer an Dag, fir Nationalfeierdag resp. «d'Journée de la Commémoration nationale» eise Fändel (oder ee vun eise Fändelen) eraus ze hänken**. Mir hunn och geschriwwen, dat een an de 'gjele Säite' vum Téléphonsbuch e Grapp Adresse fënnt, wou een all Mooss vu Fändel ze kafe kritt... Da loosst mer emol kucken, wéivill der vun deenen zeg-dausende vu Begeeschterten den 22. Juni / 10. Oktober nach un hire sympthesche Courage denken. ■ AL

wie mécht mat?

Eis Kanner komme mat ëmmer méi Wierder (z. B. 'lecker') an esouguer ganze Sätz, déi riichtewech Houdäitsch sinn. Dat ass kee Wonner, well si jo bal **mat Däitsch ageseeft** ginn: TV-CD-DVD-däitsch Billerbicher asw. Heinsdo musse mir laachen, verzielen et esouguer dorëmmer; iergeren huet keen Zweck. Jidderee weess deer Beispiller och kéipweis, mä et fällt knapps engem an, e Kand léif a verstänneg 'erëmzehuelen'... dat kënnt jo och emol 'autoritär' sinn, nëdir.

Mir sichen no Leit, déi äis hëllef, eng Lëscht mat deenen am dackste gebrauchten Ausrutschereien opzestellen. Et sinn der 'yet', bal ëmmer déiselwecht. Wien äis déi meescht op eng vun eisen Adresse schéckt, dee kritt e 'Bicher-Merci'... a mir maachen eppes domat. ■ H.M.

een am 'Rouestand'?

Firwat gi mir heiansdo esou onheemlech feierlech, wann een de Bic an de Grapp hëlt? Do geet dann ee fein a propper an d'Pensioun, an da gëtt behaupt, hie wier **'an de Rouestand agetrueeden'**. Natierlech war dann do och nach op eng **'Abschiedsfeier agelueden'**... a wat et dees däitsche Gekockels nach an deene Photos-Zeilen ënnert de sympathesch Biller gëtt. Wannechgliff, maacht eiser Sprooch dach de Gefalen, a sot, déi Persoun wier a 'Pensioun gaang/hätt op eng Pensiounsfeier invitéiert'. ■ P.W.

Ceterum censeo... (11)

Mir wëssen, dat mir mat eise **Uleiës vum Lëtzebuergesch an eiser Constitutioun** dësem oder deem vläicht 'op d'Strëmp' ginn. Et ass äis ower och bewosst, dat an der Spezialcommissioun vun der Chamber vun 2 Parteien dogéint gemauert gëtt, den Artikel 29 an deem Sënn ofzënnern, dat **d'Sprooch vun eise Land d'Lëtzebuergesch Sprooch** ass, basta! Mir wëssen och, dat dës Ofännerung eng Majoritéit an der Chamber hätt, mä mir verstinn och, dat dës Actioun net mam Briecheise soll/muss gemaach ginn.

D'Proposition, **d'Lëtzebuergesch als d'Sprooch vum Grand-Duché eran ze setzen huet guer näischt mam Nationalitéitsgesetz ze dinn**, well et gëtt jo net verlaangt 'la langue des Luxembourgeois' eran ze huelen. Aus dem **Nationalitéits- an duebel Nationalitéitsgesetz** hale mir äis eraus; dat ass eng pur politesch Fro... déi jo ower geléist ze si schéngt... mä da froe mir äis mat Recht, woufir do klor a méi ewéi däitlech vun eiser Sprooch rieds geet... déi jo emol net 'explicit' am Grondgesetz ernimmt gëtt! Wéi ass et dann hei mam Geescht vun der constitutioneller 'Conformitéit'? ■ AL

Wou? Wat?

An der KLACK 127 hate mir e Skulpturbild (Léiw) vun dem rietse Piler vun deer monumentaler Entrée vum 'Palais de Justice' an der Stad bruecht... net einfach, mä d'Madame Jomé vun Hesper hat et ower erausfonnt. Bravo. Dës Kéier bleiwe mir och mam Bild an der Stad. Wou a wat ass et? Schéckt äis är Äntwert e Méindeg tëscht 9.00 an 13.00. Mir halen dann eist Wuert och. A propos: Huet dir vläicht eng Photo, déi mir och kënnten als Rätsel bréngen? Schéckt oder 'mailt' äis se eran... (PHOTO: M.V.)



bäigesat?

Dëslescht ass am Frankräich e Mann gestuerwen, fir deen et net ville Fransouse besonnesch Leed gedinn huet, well hien ënnert den Nazien seng Ënnerschrëft ënner dausende vun Uerdere gesat hat, fir judesch Leit op den Transport fir an d'KZ ze féieren.

Am Radio huet een dann héieren, de Maurice Papon wier «bäigesat» ginn... an op déi Manéier gëtt och **e Stéck lëtzebuergesch Sproochgebrauch verdréint... a begruewen!** Et huet natierlech och keng «Bäisetzung stattfonnt», mä et war einfach e Begriffes. Dat ass net wichteg, mengt dir; et geheit och keng Beem ëm, mä just do ass déi **heemlech Gefor** fir eis Sprooch; dat gesäit no näischt aus, ower deer «Interferenzknidelen» hu mir um Mikro maandelweis... dat schlauft an d'Sprooch ewéi e Kriibs, heemlech an hannerlëschtg.

Mir hun d'Verb 'bäisetzen', ower nëmme fir bei der Pai. De 'Bäisaz' guff/gëtt et och, mä dat ass een, deen an en Haus abestuet guff, wou 'eppes hannert der Heck' war, vläicht och nei an d'Duerf geplënnert ass... mä mat 'begruewen' huet dat jo näischt ze dinn, gell dir. Eng méi folkloristesche Fassong: **Knëff, hock emol bäikanteg...** Jéinesch! An? Wat heescht dat? ■ P.W.

Eng Honnertjäereg

Et geet den Ament jo **vill rieds vun der «Neier Bréck»**... bei deer iwregens dem Michel Rodange säi Jong, den Ingenieur Albert Rodange, säi Plang praktesch «geklaute» krut, fir sengem franséische Kolleg Séjourné en an d'Jillistäsch (den lechternacher hire Broostlobseekelchen!) ze stichen... et guff a gëtt apaart an dëser Branche knapps eppes Neies... mä wie weess dann elo, vu wem dësen Text ass?:

**Eng prächtg Bréck hunn s'ons gemauert
Eng Bréck, déi passt fir Lëtzebuerg;
Mä eppes ass, wat ee bedauert:
't leeft bal kee Waasser drënner duerch.**

Schéckt äis är Äntwert, mir ginn der Mme Florentine Becker-Bintner vu Beetebuerg se weider... an dann huet dir e Buch vun äis zegutt! ■ L.R.